Emweltberodung
Lëtzebuerg a.s.b.l.

Lëtzebuerg, 11. August 2020

Employé(e) gesicht

CDD ab September 2020 bis August 2021
30 bis 40 Stonnen d'Woch
Bei der Ëmweltberodung Lëtzebuerg asbl

Beschreiwung vun der Plaz:
Mir sichen eng motivéiert Persoun, déi eis Equipe bei der Koordinatioun vu Projeten an dem alldeeglechen Aarbechtsoflaf ënnerstëtzt. D'Aarbechtszäite kënne je no Profil a Besoin am Virfeld mam Kandidat festgeluegt ginn. Eng Verlängerung vum Kontrakt no engem Joer gëllt als Optioun.

Är Missioun:
- Haptsächlech Aufgaben an de Beräicher: ëmweltfrëndlech Materialien, Campagne 'Ouni Pestiziden', BNE
- Matschaffen an der Equipe bei lafenden an neie Projeten an den Themeberäicher: Energiemanagement, Offallwirtschaft, Verfleegung, Mobilitéit, Akafspolitik, Urbanismus, Nohaltegkeet a Kommunikatioun
- Matschaffen an der Equipe bei der Organisatioun vu Seminairen a Workshope fir eis Memberen

Äre Profil:
- Minimum Bac +3 am Beräich Ëmweltwëssenschaften oder engem anere naturwëssenschaftleche Beräich
- Sproochen: Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch – aner Sprooche sinn e Plus
- Informatik: MS Office, aner Programmer sinn e Plus
- Dir sidd dynamesch a kreativ, teamfäeg an hëllefsbereet, hutt Eegeninitiativ a kënnt onofhängeg schaffen, sidd verantwortungsbewosst an kënnt Iech gutt organiséieren
- Liichtegkeet am schréftlechen a mëndlechen Ëmgang mat Leit
- Beruffserfarung am Beräich Ëmwelt/Sensibiliséierung an Erfarung am edukative Beraich sinn e Plus

Mir bidden:
- Eng ofwiesslungsräich Aarbecht mat villen interessanten Themeberäicher
- Matgestaltung a Weiderentwécklung vum Aarbechtsberäich
- Kontakt an Austausch mat Organisatiounen, Ministèren, Gemengen an aneren Ëmweltakteuren
- E flotte Mix aus kollegialem Schaffen am Team an eegestänneger Projetsleedung
- Flexibel Aarbechtszäiten an engem jonken an dynamesche Kader, zentral geleeën an der Stad Lëtzebuerg

Schéckt Är Kandidatur mat Ärem CV w.e.g. bis den 1. September 2020 un: info@ebl.lu

Emweltberodung Lëtzebuerg
Tel : (+352) 2478-6831
Bamhaus 18F, rue de la Cimenterie
L-1337 Luxembourg
Internet : www.ebl.lu
E-Mail : info@ebl.lu